Journée nationale de la Résistance
Cérémonie virum Hinzerter Kräiz, 25. Februar 2024
Ried vum Guy Dockendorf

Léif Éiregäscht,
Léif Allerguer.

- *Raconte-moi le présent (...)*
- *Non, mon enfant,*
c'est toi qui dois me raconter
l'avenir

Merci dem Lisa Jans, Noémie Less, Sam Gringmuth, Lynn Wolter, Lirina Rigot , de Professeren an der Direktioun vum *Atert Lycée Réiden* fir de Choix an d'Virdroen vun dene verschiddenen Texter, déi iwwer d'Geschicht, a wéi een se haut ka verstoen, schwätzen.

Mir hunn als *Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale* an als *Fondation nationale de la Résistance* verstan, datt di jonk Generatiounen, also di 3. a 4. Generatioun, déi de Krich nëmme vun deem kennen wat hir Famill, Frënn oder Enseignants hinnen erzielt oder net erzielt hunn, en ëmmer méi grousst Intressi hunn un deem wat virun 80 an 90 Joer geschitt ass. Mir wëssen datt an eise Schoule ganz vill Effore gemaach ginn fir datt de Souvenir un déi Fraen a Männer, déi aktiv an der Resistenz géint den Naziterror waren, net verluer geet.

Dir mierkt un deenen Texter, déi se eis virgedroen hunn datt se motivéiert sinn a sech Gedanke maachen iwwert eis Welt déi nach ëmmer voller Krich ass...

Dofir si grad hier Recherchen iwwer d'Aart a Weis, wéi hei am Land d'Fraen an d'Männer - an oft vill Jugendlecher de Kampf géint den Naziterror opgeholl hunn **wichteg fir e Wee an d'Zukunft ze weisen** ! Si probéieren déi Wäerter, déi an der Resistenz praktizéiert gouwwen, mat an hiert Liewen vun haut ze huelen.

Dir Dammen an Dir Hären,
Léiw jonk Frënn,

Heiansdo gëtt vum *Mythos vun der Resistenz* geschwat. Wat ass domat gemengt? Sécher net, datt et keng Resistenz am Land gouw. Eischter, datt nom Krich probéiert ginn ass - well d'Politik d'Land nees eene wollt - ville Leit gleewen ze doen, datt all d'Lëtzebuerger an der aktiver Resistenz gewiescht wären...

Dat war bei enger Populatioun vun 290.000 (am Ufank vum Krich) **ganz sécher net esou**. Sou wéi an aneren europäesche Länner war d'Resistenz ëmmer de Fait vun enger **ganz klenger Minoritéit.** Eng vun den Explikatiounen ass di hei:

Vill vun de Lëtzebuerger hunn, nom Iwwerfall vum 10. Mee 1940, sech un di *militäresch* Verwaltung vum 1. Krich erënnert. Vill vun hinnen hun esou iwwerluecht: *Wann et net méi schlëmm gëtt wéi 1914, dann hale mer eis elo mol roueg*.

Vill vun hinnen hu laang *d'Fauscht an der Täsch gemaach...* Eréischt wéi de Gustav Simon als Chef vun der Zivilverwaltung am August 1940 agesat gouw, hunn ëmmer méi Leit, déi sech aus Angscht an d'VdB, d'Volksdeutsche Bewegung, gemellt haten
verstan, datt den Naziterror onbaarmhäerzeg a märderesch Formen giww unhuelen.

Haut wësse mer, datt scho relativ séier, also am August/September 1940 virun allem jonk Leit ugefaang hunn sech ze wieren. 1940 waren d'Halschent vun hinnen manner wi 26 Joer al, an

souguer 5% manner wi 16 Joer. Eng vun den éischte Resistenzgruppen ass de 15. August 1940 vu Scoutscheffen ënner der Escher Grenzer Kierch, am Wëllefcherssall gegrënnt ginn.

Mir wëssen datt d'Resistenz sech op vielfälteg Aart a Weisen lues a lues opgebaut huet, an enger Zuel vu geheim gehalenen Gruppen, déi oft näischt vun enaner woussten.

Wat se all auszeechnet ass dat hei: di Fraen a Männer aus der aktiver Resistenz **hu sech Nl als Heldinnen oder Helden gesinn**. Egal zu waatfir enger politescher oder ideologescher Richtung se gehéiert hunn, si wollte virun allem eppes: d'Lëtzebuerger Land sollt nees fräi ginn a seng Onoofhängegkeet erëm kréien.

Di Fraen a Männer hu bewosst eng Decisioun geholl: si woussten, datt si hiert, an d'Liewe vun hir Famill, géiwwe riskéieren. Op d'mannst 2.000 vun hinnen sinn an der Villa Pauly, an op anere Plazen, ënner physescher Folter ënner Drock gesat ginn, fir datt se Memberen aus hirer Organisatioun giwwe verroden.

1.560 Männer sinn an d'KZ Hinzert komm, 82 sinn do gestuerwen. Un all déi, di zu Hinzert gefoltert an ermuert si ginn erënnere mer eis haut, virun all deenen, déi di an de verschiddensten Prisongen, Konzentratiouns- a Vernichtungslager deportéiert gouwwe, vernäipe mer eis hei am Respekt.

Et gëtt bis haut keng definiv Zuelen wéivill Fraen a Männer vu Lëtzebuerg an di verschidde KZer komm sinn wou vill net iwwerliewt hunn. Oft gëtt d'Zuel vun 3.500 Männer a vu méi wi 500 Frae genannt, déi an de KZer wéi Dachau, Buchenwald, Natzweiler-Struthof, Auschwitz, Mauthausen, Sachsenhausen, Ravensbrück an anerer gelidden hunn oder do gestuerwe sinn.

Sécher bleiwt eppes: d'Liewe vun deene Männer a Fraen - an d'Recherchen iwwer d'Roll vun de Fraen an der aktiver Resistenz hunn réischt virun e puer Joer ugefaang - musse wëssenschaftlech erfaasst ginn. Et gëtt e puer Dausend Témoignagen, déi an de verschiddensten Archive leien an déi, jidderee fir sech Opschloss ginn iwwer den Alldag, d'Hoffnungen an d'Ängscht vun hinnen an och iwwer dat wat se geleescht hunn. Et geet elo drëm, datt mer en *Dictionnaire historique de la Résistance au Luxembourg*, mat der Hëllef vu Wëssenschaftler a mat den erzielten an de geschriwwenen Témoignagen schafen.

Firwat brauche mer déi Témoignagen **grad haut?**

Dir erënnert Iech wéi de 4. Dezember 2021 eng Hord vun onkontrolléierte Géigner vu Mesure géint d'Pandémie d'Gëlle Fra besat haten. *D'Fondation nationale de la Résistance* hat dorop hin eng Reaktioun publizéiert, déi och haut nach hir Berechtigung huet:

> *Den Ausbroch vun Haass, deen sech do a Form vu gewalttätegen Aktiounen a vun hate speech manifestéiert huet ass fir all Gesellschaft eng Menace. D'Besetze vun der Gëlle Fra, dem Symbol vun der Lëtzebuerger Onoofhängegkeet, an d'Aart a Weis wéi do eng Minoritéit vu Leit, déi anscheinend keng Anung vun der Geschicht vum 2.Weltkrich hunn, de Juddestär fir hir Zwecker mëssbrauchen ass inakzeptabel. Mir soen hei kloer an däitlech: Antisemitismus ass net eng Meenung, Antisemitismus ass e Verbriechen.*
>
> *Hunn déi Leit wiirklech vergiess, datt d'Naziën Millioune vu jiddesche Fraen, Männer a Kanner ëmbruecht hunn? D'Verdréien vun historeschen Tatsaachen ass och e Crime! D'FONARES dréckt heimat de jiddeschen Matbierger *innen hir Solidaritéit aus.*
>
> *Mir hunn als Vertrieder vun de Resistenzorganisatiounen den Opdrag ëmmer nees drun ze erënneren datt den Nazi-terror an d'Nazi-propaganda **op d'mannst 60 Millioune Mënscheliewe kascht hunn.** Dofir maache mir en Appell un eis all, d'Zivilgesellschaft an d'Regierung, datt se sech allen Haasspriedegten, allen*

nationalisteschen Ideologien, alle rassisteschen, friemefeindlechen an antisemitischen Ausbréch vun Ufank u widdersetzen.

(...) Di Aart a Weis, wéi eenzel Querdenker sech mat Resistenzler vergläichen ass fir eis en Affront fir d'Resistenzler, déi am 2. Weltkrich hiert Liewe riskéiert hunn am Kampf géint de Naziregime.

Här Premieminister,

Mir sinn Iech dankbar datt Dir am Ufank vun Ärer Regierungserklärung an der Chamber, den 22. November 2023, dat hei gesot hutt:

Mee dat neit Kapitel baut op op deem, wat vireg Generatioune geleescht hunn. Duerfir ass mäin éischten Gedanken als Premierminister deene Merci ze soe, déi fir eis Fräiheet a Wäerter am 2. Weltkrich gekämpft hunn - Wäerter op deene mir kënnen opbauen - grad an dësen Deeg an deenen an der Welt dës Wäerter esou brutal a Fro gestallt ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren,

Guy Dockendorf
guy.dockendorf@culture.lu